



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alf Christian, 10:32, 19/02/2021

Luxembourg, le 19 FEV. 2021

Objet : Question parlementaire n° 3474 du 19 janvier 2021 de Monsieur le Député Fred KEUP

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse conjointe à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri Kox

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678


www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet a Madame Sam Tanson, Justizministerin zu der parlamentarescher Fro n° 3474 vum éierbaren Deputéierten Här Fred KEUP

Den ABRIGADO schafft am Optrag vum Gesondheitsministère an och vun der Stad Lëtzebuerg fir Leit mat Suchtproblemer (illegal Drogen) ze hëllefen. Am Kader vun dëser Missioun, féiert den ABRIGADO keng Statistiken – weder bezüglech Hierkonft, Nationalitéit oder Residenz – vun sengen Clienten.

Laut den gesetzlechen Virschrëften an den internen Prozeduren, muss awer all Persoun, déi Servicer an den Konsommationsfall vum ABRIGADO notzen well, een Kontrakt ënnerschreiw. Dobäi gëtt ënnert anerem och Nationalitéit rezenséiert.

Am Mäerz 2020 sinn eng ronn 163 Kontrakter évaluéiert gi, woubäi 22% lëtzebuergesch Nationalitéit haten, 15% déi portugisesch Nationalitéit, 12% déi franséisch Nationalitéit, 9% déi dätsch Nationalitéit, 6% déi marokkanesch Nationalitéit, 6% déi belsch Nationalitéit, 4% déi tunesesch Nationalitéit, 3% déi italienesch Nationalitéit an ronn 6% aner Nationalitéiten.



Wat Situatioun vum Logement ugeet, respektiv de Wunnsätz zu Lëtzebuerg, kann een soen dat vun 163 Leit, 88 Persounen (54%) en Dach iwwert dem Kapp hunn an 75 Persounen (46%) keen festen Wunnsätz hunn. Et sief vermierkt dat den ABRIGADO normalerweis keng Informatiounen iwwert den fréieren

Logement oder den fréieren Wunnsätz opschreift, dëst kënnt awer emol vir wann den Client administrativ Démarchen um Lafen huet.

Allgemeng ass fest ze stellen, dat keng grouss Ënnerscheeder bestinn wat den Logement ugeet tëscht den verschiddenen opgelëschten Nationalitéiten. Vun deenen 88 Leit, déi een festen Wunnsätz hunn, wunnen 30% am Zentrum, 17% am Süden, 14% am Norden, 7% am Westen, 2% am Osten an 30 % an der Groussregioun. Ronn 50% vun den Sans-abris hunn dobäi uginnt sech am Gebitt vun der Staat Lëtzebuerg opzehalen.

Et sief rappeléiert dat een keen Amalgam sollt maachen tëscht den ABRIGADO-Benotzer an deenen Leit, déi sech ronderëm den ABRIGADO zwar ophalen, mee d'Servicer vum ABRIGADO net an Usproch huelen an deemno och net vum ABRIGADO per Kontrakt rezenséiert gi.

Wéi Madame Buergermeeschtesch zu hiren Aschätzungen kënnt entzitt sech eiser Kenntnis an gëtt net weider kommentéiert.

Den 24. Juni 2020, am Kader vun der Chamberkommissioun fir Justiz a fir bannenzeg Sécherheet, wou och Madame Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg derbäi war, war den Punkt säitens Police a Justiz gemaach ginn zu der aktueller Droge Situatioun am Garer Quartier. Do ass ënnert anerem gesot ginn, datt e Grouss Deel vun den Drogen Dealer ausserhalb vun Lëtzebuerg wunnt a quasi all Dag an d 'Land erakënnt fir do Drogen ze verkafen. Déi Situatioun ass och am lokale Comité de prévention, deem am Artikel 38 vum Police Gesetz virgesinn ass an wou Verrieder vun der Gemeng, der Police an der Justiz zesummen setzen, am Hierscht 2020 thematiséiert ginn. Een interministeriellen Aarbechtsgrupp am Kontext vun der Droge Problematik am Garer Quartier ass vum Ministère vu bannenzeg Sécherheet aberuff gi, wou Verrieder vun den verschiddenen Ministère mat u Bord sinn fir de Sujet transversal unzegoen (ënnert anerem Justiz-, Santé-, Ausse-, an Chancengleichheitsministère, Police asw.).

Virop den allgemengen Constat datt all Form vun Droge Kriminalitéit, egal op wat fir eng Manéier Drogen verkaf oder kaf ginn, een Problem fir all d 'Autoritéiten duerstellt. En reegen Drogen-Akaf vun Auslänner ze Lëtzebuerg schéngt et am Moment säitens Justiz an Police net festgestallt ze ginn.

Säit 2019 huet Police grouss Efforten gemaach fir Droge Problematik op der Gare ze bekämpfen, an deem ënnert anerem méi Leit an déi verschidden Déngscht-Stellen agesat gi sinn. Zu deene ronn 55 Beamten, déi op 3 Déngscht Stellen am Quartier vun der Stater Gare verdeelt sinn, sinn ongeféier 30 weider Beamten (Polizisten an Uniform, Memberen vum Service de Police judiciaire, Hondsmeeschter, etc.) dobäi komm, fir do 24/7 ënnert anerem géint Droge Kriminalitéit aktiv ze sinn. Et gëtt dann och eng enk Kollaboratioun um Terrain mat der Douane an e regelméissegen Informatiouns Austausch mat der franséische Police-Autoritéiten. Den Parquet mëscht alles fir d 'Dossieren, déi vun der Police respektiv vun der Douane ugefaangen ginn sinn, an engem raisonnablen Délai ze verschaffen, fir datt déi presuméiert Täter esou schnell wéi d 'Prozeduren et erlaben an d 'Sëtzung kommen.

Zënter Oktober 2020 ginn an der Moyenne ëm 130 Kontrollen d'Woch duerchgefouert, wou regelméisseg Leit kontrolléiert a verhaft ginn. Eng 30 Protokoller resp. Rapporten ginn an der Moyenne vun der Police pro Woch un déi respektiv Autoritéiten geschriwwen fir déi noutwenneg Suiten ze ergräifen.

D'Police féiert generell keng Statistiken, wou no der Hierkonft, Nationalitéit, Residenz vun der presuméierten Täter ënnerscheet gëtt. Och wann et net méiglech ass präzise Donnéeën eraus ze

filteren, kann een awer soen datt e Grouss Deel vun den Dealere net ze Lëtzebuerg wunnt, mee am noen Ausland (haaptsächlech an Frankräich). Et besteet dann och ënnert anerem an deem Beräich eng gutt Kollaboratioun tëschent der Lëtzebuerger Police an de franséische Police-Autoritéiten.

Wat Statistiken säitens Justiz ugeet, erlaabt och hei den informatéschen System et net präzise Donnéeën no Gemengen, Nationalitéiten asw. eraus ze filteren. E puer allgemeng Donnéeën am Kontext vun der Droge Kriminalitéit sinn awer gi :

- Am Joer 2019 waren ronn 187 Verhaftungen am Land, dovun der ongeféier 180 am Arrondissement Lëtzebuerg. Vun deenen sinn 139 duerch d 'Sëtzung (Urteil oder Arrêt), 13 sinn fixéiert an enger Sëtzung, 10 sinn renvoyéiert an ginn fixéiert, een ass nach am Renvoi an 11 sinn nach am Cabinet d'instruction unhängeg.
- Am Joer 2020 waren ronn 99 Verhaftungen am Arrondissement Lëtzebuerg. Eng grouss Partie vun deenen Verhaftungen sinn nach am Cabinet d'instruction unhängeg (38), 20 vun deenen sinn schonns duerch d'Sëtzung, 7 sinn an d'Sëtzung zitéiert ginn, 11 sinn elo just renvoyéiert ginn, 15 sinn nach am Renvoi, bei 5 Verhaftungen sinn d'Substituten vum Parquet am Gaang den Renvoi ze préparéieren.
- Am Joer 2021 waren et, bis op den 3. Februar 2021, 18 Verhaftungen (dovunner 1 zu Dikrech).